Ech wëll – Nicool a Luca Sales

Ech wëll eleng eens ginn,
Kee méi brauchen,
Eleng do stoen,
Dee ganze Schäiss eleng droen,
Ech wëll dass ni méi ee ka soen,
‘Et ass wéinst mir, dass du do bass, wou s du bass’
Ma nee Kolleeg, ech hunn dofir geschafft.
Ech wëll ni méi kënne verlooss ginn,
Well et deet esou wéi,
Op Leit opbauen déi ewechfalen,
Dat ass net schéin,
Ech wëll ëmmer roueg bleiwen,
Net kräischen, jäizen,
Egal wat geschitt,
Ech wëll ee Liewen, wat ee sou net kritt.

Ech wëll net waarden, ech wëll alles direkt,
Meng Hoer, meng Kleeder, mäi Gesiicht - perfekt,
Ech wëll keng Feeler maachen,
Och wann ech draus léieren,
Ech wëll mech net am Detail verléieren,
Ech wëll ëmmer eng Äntwert parat hunn,
Déi richteg Wierder fannen,
Mech trauen eppes ze soen, ze maachen,
Amplaz wann d’Leit
domm sinn einfach domm ze laachen.
Ech wëll, dass déi aner verstinn, wann ech net wëll oder net kann,
Ech wëll Egalitéit tëscht Fra a Mann,
Ech wëll e Lëtzebuerger Land, wat iwwer alles schwätzt,
Gewalt net toleréiert, a Frae schätzt,
Ech wëll, dass d’Faarf vun der Haut sou egal ass wéi d’Faarf vun den
Aen, D’Gebuertsplaz keng Roll spillt, genee wéi räich oder aarm,
Ech wëll Fridden,
Uhh an ech wëll e Balcon an eng Buedbidden,
Ech wëll Zefriddenheet,
Ech wëll ëmmer méi, och wann et ni duergeet.

Mee soulaang ech wëll, halen ech net op ze probéieren,

A soulaang ech wëll, hunn ech Dreem an déi ka keen zerstéieren,
Ech siche weider, komm sich mat,
Stell der vir, den Dag kënnt a mir hunn et gepackt.
Soulaang ech wëll halen ech net op ze probéieren,
A soulaang ech wëll, hunn ech Dreem an déi ka keen zerstéieren,
Ech siche weider, komm sich mat,
Stell dir vir, den Dag kënnt a mir hunn et gepackt.

Et mécht mech mëll, mee ech wëll ech wëll ech wëll
Et mécht mech mëll, mee ech wëll ech wëll ech wëll